# Projet am Lëtzebuergeschen:

# Mäerchen

6. Schouljoer vum Annick Schuller

2008 / 2009

November – Dezember 2008

# Chokolatta



**Beno a Katia**



Et war emol e Mann an eng Fra. Si hu sech scho laang e Jong gewënscht. Endlech mëscht sech d'Fra Hoffnung, de léiwe Gott wäert hier de Wonsch afëllen.

D'Leit haten an hirem Gaardenhaus eng kleng Fënster, aus där een en wonnerschéinen Gaart konnt kucken, dee voller Schokola a Kamellen war. Ronderëm war eng grouss Mauer, jiddereen wollt doragoen mee d'Leit haten zevill Angscht, well de Gaart der Hex gehéiert huet.

Enges Daags stoung d'Fra bei der Fënster an kuckt an de Gaart erof. Do gesäit si e Beet mat deene leckerste Séissegkeeten a si hu sou faarweg ausgesinn, dass si Loscht krut eng vun de Séissegkeeten ze schmaachen. Si wollt all Daag emmer méi vun deene Séissegkeeten schmaachen, mee si wosst, datt se keng bekéim, a sou gouf si ganz bleesch an ekelesch am Gesiicht. Dunn huet hiere Mann ganz besuergt gefrot: „Wat fehlt der, mäi Schatz?" – „Ma", seet si, „wann ech keng Séissegkeet aus deem Gaart do kréien, da stierwen ech." De Mann, deen si immens gären huet, duecht: „Iers du deng Fra stierwe léiss, gess de hier elo eng vun deene Séissegkeeten, egal wat et kaschte wäert!"

An der Nuecht ass en iwwer d'Mauer an den Gaart vun der Hex geklomm, hëllt eng Séissegkeet a get se senger Fra. Si mëscht sech direkt eng Schokolasfondue an ësst se mat groussem Appetit. Se hat hier awer sou gutt geschmaacht, dass se de nächsten Daag draimol souvill Loscht op Schokola hat.

An der Nuecht ass de Mann nach eng Kéier iwwer d'Mauer geklomm. Wéi en awer ennen am Gaart ukomm ass, huet en sech erschreckt, well virun him stoung d'Hex. „Wéi kanns du et woen", sot d'Hex mat engem béise Bléck, „a mäi Gaart ze kommen an meng Séissegkeeten ze klauen? Dat wäert dir schueden!" – „Aaaahh", sot hien, „looss mech dach, ech wollt dat nemmen wéinst menger Fra maachen, well meng Fra fënnt deng Kamellen an dai Schokola sou gudd, dass hatt nach méi dovunner wollt." D'Hex war manner roosen a sot zu him: „Wann dat wierklech wouer ass, dann daerfs de souvill Kamellen a Schokola mathuelen wéi's de wëlls, mee nëmmen ënnert enger Bedingung. Du muss mer dat Kand ginn, wat de léiwe Gott ierch geschenkt huet. Et wäert him gudd bei mir goen an ech wäert fir et suergen sou wéi eng Mamm dat mëscht." De Mann, a grousser Angscht, sot direkt jo, a wéi d'Kand endlech gebuer war, ass d'Hex direkt komm, huet dem Kand de Numm Chokolatta ginn an huet d'Meedchen mat bei sech geholl.

Chokolatta war dat schéinste Kand op der ganzer Welt. Wéi hatt 12 Joer ginn ass, huet d'Hex d'Chokolatta an en Tuerm agespaart, deen am Bësch war. Deen Tuerm hat weder Trap nach eng Dier, nëmme ganz uewen am Tuerm war eng kleng Fënster. Wann d'Hex ëmmer erop wollt, huet se sech niewent den Tuerm gestallt an huet erop geruff: „Chokolatta, Chokolatta, looss deng Hoer erof!" D'Chokolatta hat laang a wonnerschéin Hoer, wie gesponnend Gold. Wéi d'Chokolatta d'Hex vun ennen héieren huet, huet hatt seng Trëtzen aus den Hoer gema, seng laang Hoer em e Fensterhocken gewëckelt an du si seng Hoer zwanzeg Ielbéi déif erof gefall, an d'Hex ass dorop geklomm.

No puer Joer ass de Jong vum Kinneg (deen e Kloschard war a Grenaldinnio gehescht huet) duerch den Bësch geridden an laanscht deen Tuerm komm. Do huet en e Gesank héieren, dee war sou schéin, datt de Kloschard stoe bliwwen ass a nogelauschtert huet. Dat war d'Chokolatta, dat, wann et elleng ass, emmer sengt. De Kloschard wollt bei d'Chokolatta erop kommen an huet no enger Dier am Tuerm gesicht, mee en huet keng fonnt. En ass heem geridden. Mee de Gesank hat him sou gefall, datt en all Dag an den Bësch geridden ass fir nozelauschteren. Wéi en eng Kéier hannert engem Bam stung, huet e gesin wéi eng aal vergammelt Hex komm ass, an se huet erop an den Tuerm geruf: „Chokolatta, Chokolatta, looss dach endlech deng verfaulten Hoer erof! Si grad vun der Arbescht zereck komm. Ech hunn Iessen matbruecht anzwar d'Wierm vu gëschter!"

Do huet d'Chokolatta seng wonnerschéin a ganz laang Hoer erof gelooss, an d'Hex ass erop geklomm. De Grenaldinnio huet du geduercht: „Ass dat d'Leeder duerch déi een erop an den Tuerm kennt? Sou well ech och mol mai Gléck versichen."

An dee nächsten Daag, wéi et ugefaangen huet donkel ze ginn, ass de Kloschard Grenaldinnio bei den Tuerm gaangen an huet geruf: „Hey séiss Schéinheet, du do uewen! Looss deng schéi Locken erof!"

An deem Moment huet d'Chokolatta seng Hoer erof gelooss an den Kloschard ass erop geklomm. Am Ufang huet d'Chokolatta sech erschreckt, wéi e Mann bei hatt erakomm ass dee sou schéin war wéi hat nach nie ee gesinn hat. De Grenaldinnio huet ungefaangen ganz frëndlech mat him ze schwätzen an huet erzielt, datt dem Chokolatta sai Gesank sain Haerz beréiert huet, an datt e keng Rouh gehat hätt an hatt elo hätt misste gesinn. Do huet d'Chokolatta seng Angscht verluer, an wéi en hatt gefrot huet, op hatt en zum Mann huelen wéilt, an hatt gesinn huet, datt e jonk a schéin war, do huet et geduecht „Dee waert mech léiwer hunn wéi d'Hex", an et sot „Jo". Et huet seng Hand an dem

Kloschard seng Hand geluecht. Hatt sot: „Ech well mat der goen, mee ech wees net, wéi ech vun hei erof kommen soll. Wanns du bei mech kenns, da breng all Kéier e klengt Steck Seid mat. Dorauser waert ech eng Leeder flechten a wann se faerdeg ass, dann kommen ech erof an klammen op dain Iesel an du hëlls mech mat." Si hun ofgema, datt de Grenaldinnio all Owes giff bei hatt an den Tuerm kommen, well mëttes koum emmer d'Hex.

D'Madame Kiefer (also d'Hex) huet neischt dovu gewousst, bis d'Chokolatta eng Kéier zur Hex sot: „Sot mir dach, Madame Kiefer, wéi kann dat nemmen sinn, dir gidd all Daag méi schwéier fir eropzezéihen wéi de Kloschard, dee waert an engem Abléck hei sin." – „Wat? Du schlëmmt Kand", huet déi aal vergammelt Hex geruff, „wat muss ech do vun dir héieren?! Ech hu geduecht, ech hätt dech vun der ganzer Welt ofgeschott, mee du hues mech awer bedrunn!" An hierer ganzer Wut huet se dem Chokolatta seng wonnerschéin Hoer geholl an huet se mat der Schéier ofgeschnidden. Déi schéin Hoer luchen um Buedem. An d'Hex war sou roosen datt se dat aarmt Meedchen an eng Wüst bruecht huet, wou d'Chokolatta an engem grousse Misär liewen misst.

Dee selweschten Daag awer, wou d'Hex d'Chokolatta an d'Wüst bruecht huet, huet d'Hex owes déi ofgeschnidden Hoer un engem Fensterkrop fest gema. Wéi de Kloschard koum an geruf huet: „Schatz, Baby, Darling! Looss mer deng wonnerschéi Löckelscher erof!", huet d'Hex d'Hoer erofgeloos. De Grenaldinnio ass an den Tuerm erop geklomm; awer do uewen am Tuerm huet e net sai wonnerschéint Chokolatta fonnt, mee d'Madame Kiefer. Déi huet hie mat engem béisen a gëftegem Bléck ugekuckt. „Aha", huet se béis geruff, „du wells deng léif Frendinn huelen? Mee de schéine Villchen setzt net méi am Nascht an sengt net méi. D'Kaz huet e geholl an se waert him och nach d'Aan auskratzen. Fir dech ass d'Chokolatta verluer, du waers hatt net méi gesinn." Do stousst si den Grenaldinnio zur Fenster eraus. Hien ass an e Strauch gefall an d'Daren hunn him d'Aan zerstach. En ass blann ginn. An do ass hien elleng a blann am Bësch ronderem getrollt. En huet naischt giess ausser Wierm a Käferen, an en huet nemmen gekrasch wéinst senger schéiner Fra.

Sou ass hie puer Joer gewandert bis en an eng Wüst komm ass, wou d'Chokolatta mat hieren Zwillingen, déi si gebuer hat, e Jong an e Meedchen, gelierwt huet. De Grenaldinnio huet bemol eng Stëmm héieren, déi him bekannt war. A wéi hien dohinner komm ass, huet d'Chokolatta hien erkannt an ass him an den Hals gefall an huet

gekrasch. Zwee vu sengen Tréinen sinn am Grenaldinnio seng Aa komm. Du konnt hien op emol rem alles ganz kloer erkennen.

Hien huet hatt mat an sai klengt Haische matgeholl, wou se vu Frënn erwaard goufen, a se hu glecklech am Knascht gelierwt.

# De béise Mann an déi siwe Geessen

Charlie

Et war emol eng jonk Geess, déi hat siwen aal Geessen. D'Mamm hat hier Kanner léif, sou wéi eng Mamm hier Kanner gären huet.

Enges Dags wollt sie an d'Stad goen vir nei Kleeder anzekafen. Si huet déi siwe erbai geruff an huet zu hinnen gesot: „Léif Kanner, ech ginn an d'Stad, a passt op, wann de béisen Mann kennt. Well wann dee bis heibannen ass, da frësst en iech all op. Dir erkennt en un der rauer Stëmm a senger schwarzer Patt." Déi siwe Geessen hu gesot: „Maach dir keng Suergen, mir passe gutt op." Du huet d'Mamm sech op de Wee gemaach.

Et huet net laang gedauert, du huet et och schon un der Dier geklappt. Eng Stëmm huet gesot: „Maacht d'Dier op, et as d'Mama, ech hun fir jiddereen eppes matbruecht." Mee déi siwwe Geesen hate gemierkt, dass et net hier Mamm war, well hier Mamm hat keng rau Stëmm. „Mir maachen net op!", hu si geruff, „eis Mamm huet eng méi fein a léif Stëmm!"

De béise Mann war rosen an dunn ass en an de Supermarché 10 grouss Päck Zigarette kafe gaangen. Hien huet déi Zigaretten alleguer gefëmmt. Dunn ass hien erëm zreck bei d'Haus vun de siwwe Geessen gaangen.

Zéng Minuten mei spéit stoung de Mann rem un der Hausdier an huet gesot: „Maacht d'Dier op, d'Mama ass do an ech hu jidderengem eppes matbruecht aus der Stad." Mee de Mann hat eng schwaarz Patt vun engem Petzi bei d'Fenster geluecht, datt hun d'Geesse gesinn. Si soten: „Mir maachen net op, well ons Mama huet keng schwaarz Patt, du bass de béisen Mann!"

Dunn ass de béise Mann an d'Schokolasfabrik gerannt an huet zu engem Aarbeschter gesot: „Zapp dës Patt w.e.g.an de Schokola!" Dee Mann sot dunn: „Ech machen dir gewass deng Patt voller Schokola!" Du sot de béise Mann: „Wanns du elo net direkt déi Patt mat Schokola beschmiers, da maachen ech dech dout!" De Mann, voller Angscht ëm sai Liewen, huet du séier de Petzi mat Schokola beschmiert an huet gesot: „Sou main Herr, ass et esou gutt?" De béise Mann huet du gemengt: „Et ass gutt mein Herr." A fort war en. Wéi de béise Mann fort war, huet den Aarbeschter vir sech gesot: „Wat sin déi Leit esou fresch hautzudaags!"

15 Minuten méi speit war de béise Mann erëm bei dem Haus vun de siwwe Geessen. Hien huet un der Dier geklappt a sot: „Maacht mir op, et ass d'Mama an ech hu jidderengem eppes aus der Stad matbruecht." D'Geessen soten: „Weis ons deng Patt, fir dass mir wëssen, dass du

ons Mamm bass.” De béise Mann huet dunn déi Petzi-Patt voller Schokola bei d’Fenster gehaalen. D’Geessen hunn et gegleeft an hunn d’Dier opgemaach. A wee koum do eran? Net hier Mama, mee de béise Mann. Si waren a Panik an hu sech an engem Zock verstoppt; deen een hannert engem Teddy, deen aneren op dem Frigo, een huet ennert dem Dësch, een an der Kichen, deen aneren an der Poubelle, deen een huet hannert engem Teller,deen aneren an engem Schaff. Mee de béise Mann huet jiddferee fonnt, ausser déi Geess, déi sech am Schaff verstoppt hat. De béise Mann huet sech op d’Wiss hannert dem Haus geluecht a well e sou puppsaat war, ass en och schnell ageschlof.

Net vill méi spéit koum déi jonk Geess aus der Stad erem heem. A wat huet se du misse gesin?! D’Hausdier stung grouss op an alles am Haus war emgestouss. Si huet traureg no hiere siwwe Geesse gesicht, mee si huet kee fonnt. Ausser eng déi Geess, déi sech am Schaff verstoppt hat. Déi huet gezielt: „Ech hat mech schnell am Schaff verstoppt. Mee déi aner goufen all vum béise Mann gefriess.”

An dunn ass d’Mamm an d’Kichen gaangen an huet eng grouss Schéier geholl. Si ass hannert d’Haus gaangen an huet de béise Mann do gesi laien ze schlofen. Si huet him de Bauch opgeschnidden an dunn huet och schons den éischte Geessekapp eraus geluust, an dunn och den 2., 3., 4., 5. a 6.. Mamm huet dunn 100 Kiselsteng aus dem Virgärtchen an de Bauch vum béise Mann geluecht an dunn de Bauch rem schéi proper zougebitzt. Wéi de Mann erëm erwecht ass, war hin duuschtereg an ass bei de Floss gaangen, fir do ze drenken. Wéi en do geträppelt ass, ass him ganz schlecht ginn, well d’Steng em schwéier um Moo luchen. Wéi e sech iwwert d’Waasser gebéckt huet a Waasser drénke wollt, du ass e vum Gewiicht vun de Sténg an d’Waasser gefall an ass erdronk.

Wéi déi siwwe Geessen dat vun der Fënster aus gesinn haten, si si am Haus ronderem gesprongen an hunn haart gesongen: „Yuppie, de béise Mann ass dout!” Si si schnell bei de Floss gelaf an hun do voller Freed gedanzt.

# De Jempy an d'Mariette







*Vum Dan, Louis a Noah*

Et huet ugefaang Freides, den 13. Oktober 2000 ëm 13:34 18 Sekonnen an 192 Honnertstel-Sekonnen. An enger grousser Stad virun engem klenge Bësch wunnt den Asterix an den Obelix … Ups falscht Haus!

Jo also an deem Haus wunnen de Jempy an d'Mariette. De Papp ass Grompereverkeefer. D'Elteren si jo ganz frou mat deenen zwee, mee wa se net ëmmer op de Canapé schäisse géifen. Owes konnten de Jempy an d'Mariette net schlofen, well et zevill gestonk huet. Do héiere si hier Stéifmamm an de Papp matenee schwätzen. D'Mamm sot: „Mir mussen déi Kanapékackerte lass ginn!" De Papp war net domatt d'Accord. Hie konnt et net iwwert säin 56 Joer alt Häerz bréngen. „Du Idiot, da vermuuschte mir eben alle 4 hei an dësem Haischen!" De Papp huet no ginn. D'Mamm huet gesot: „Muer de Moien soen mir, mir géifen an den Bësch goen an da loosse mir si einfach do!" De Jempy huet ugefaang mat kräischen, mee d'Mariette hat eng Idee: „Mir fëllen eng Cactus-Tiitchen mat engem Stéck Pizza Funghi an nach sou komeschen Saachen, déi mir nach doheem fannen."

Moies fréi, koum d'Stéifmamm déi zwee erwächen. Si sot: „Mir ginn an de Bësch." Si huet deenen zwee e Stéck Pizza Funghi an de Grapp geréckt. „Halt dat Stéck Pizza gutt versuergt", sot si. Si sinn alle véier an de Bësch gaangen. Iwwerdeems se an de Bësch gaange sinn, huet de Jempy lauter Grimmelen vun den Iesswueren, déi en doheem fonnt hat, onbemierkt hannert sech fale gelooss. Wéi si op emol stoe bliwwe sinn, sot de Papp: „Mir gi Gromperen sichen." D'Stéifmamm an de Papp sinn hierer Wee gaangen. D'Kanner souzen beim Feier an hunn ugefaang un hirer Pizza ze knabberen. Well et sou langweileg war, sinn se déif ageschlof. Wéi de Jempy an d'Mariette erwescht sinn, war et schon déif Nuecht. D'Mariette huet ugefaang mat pinschen. De Jempy freet wat lass ass. Hat äntwert: „Ech hu meng Pizza Funghi ganz opgenascht." „Waart bis muer d'Sonn opgeet, da gi mir Heem, ech hu jo all déi Saachen op den Buden geheit, da fanne mer de Wee zreck. Doheem kriss de dann eng Pizza."

A wéi d'Sonn opgaangen ass, huet de Jempy d'Mariette um Aarm geholl a sinn der Pizza Funghi an deenen aanere Grimmelen um Buedem nogaangen. Wéi se doheem ukomm sinn, hu se zwee mol getockt, dräi mol geschellt, an eng Kéier mam Fouss widdert d'Dier gerannt. D'Mamm huet opgemaach. Si war erschreckt wéi si d'Kanner gesinn huet an iergert sech: „Dir domm Kanner, wat hudd dir sou laang gemaach?" De Papp awer freet sech d'Kanner erem ze gesin, well hien hat keen dee mat him Kaz und Maus gespillt huet.

Net laang dono hunn se d’Mamm nees eppes flüsteren héieren, se sot: „Mir hunn nëmmen nach e Stéck Pizza Funghi. Mir mussen déi Kanner lass ginn. Mir ginn mat hinnen nach méi déif an den Bësch, et ass soss keng Rettung fir eis.” De Papp wollt awer nach eng leschte Kéier mat hinnen Kaz und Maus spillen. Se huet mat him gemeckert an mëscht him Vierwerf. D'Mamm sot: „Ween A seet, dee muss och B an C an D an E an F a sou weider soen! A wann een déi éischte Kéier no gëtt, da muss een och déi zweet Kéier no ginn an déi drett Kéier an déi véiert Kéier a sou weider. Also mussen mir se lass gin!“ D’Kanner haten nach mam Gameboy gespillt an haten d’Gespréich mathéieren.

Wou déi Al geschlof hunn, stoung de Jempy rëm op a wollt eraus vir Muerten zupfen ze goen wéi déi lescht Kéier, awer d’Stéifmamm hat d’Dier zougesperrt, an de Jempy konnt net eraus. Hien huet seng Schwësterchen getréischt an sot: „Pinsch net, Mariette, schlof nëmmen roueg, de léiwe Däiwel wäert eis schonn helëfen.”

Um fréien Moien komm d’Stéifmamm an huet d’Kanner un den Ouerläppercher aus dem Bett gezunn. Si kruten hiert Stéck Toast, dat awer nach méi kleng war wei déi lescht Kéier.

Op dem Wee fir an de Bësch ass dem Jempy säin Toast an der Täsch auserneen gefall. Hie stoung oft roueg do an huet e Stéck Toast op de Buedem geheit.

„Jempy, firwat stees du do an glupschs iwwerall hinner?”, freet de Papp, „géi denger Wee.” - „Ech kucken no mengem Jippelchen, dat setzt op enger Stréibotten a well mer Tschau soen”, äntwert de Jempy. „Idiot”, sot d’Fra, „dat ass kee Jippelchen, dat ass e Kikiriki, deen op engem Bam setzt.”

De Jempy huet awer ëmmer nach weider a weider Lavendel, deen en a senger Jacketentäsch hat, op de Boudem gestreet. D’Stéifmamm féiert déi Kanapékackerten nach méi déif an de Bësch, wou sie nach nie an hierem Liewen waren. Do huet si e Feier ugemaach a sot: „Mir zwee gin lo nach méi wait eran an de Bësch Gromperen oprafen. Dir bleiwt hei a waard op eis bis datt mer zreck sin. Herno iessen mir eng Pizza Funghi mat Champignonen! Wann dir midd sidd, hat dir Pech gehat! Mee dat kann eis jo egal sin! Ciao awer!“ D’Mariette deelt seng Pizza Funghi mam Jempy, well hir Elteren keen Geld haten fir en zweet Steck ze kafen.

Do koum den Asterix… oh nee, rem de falschen Text, deen hei tëscht d’Zeilen flutscht!

Den Jempy war net sou ganz topfit. Zum Gléck hat en awer nach säin "Joint-zum-Selberdrehen-Kasten" vun KOSMOS dobäi. De Kasten hat en engker aus dem Match geklaut, well se eben net genuch Geld haten fir en ze kafen. Him huet et am meeschte Spaß gemaach den Joint ze fëmmen. Du waren déi zwee Kanapékackerten midd a si sin entschlof.

Wou se no drai Stonnen erwescht sin, war nach emmer keen zreck komm. Si hu verzweifelt no hiren Elteren am Bësch gesicht.

Op emol hun se e neien McDonalds am Bësch gesinn! Sie waren sou frou an si sin direkt an d'Haus gelaf. Op engem Schëld stoung: „W.E.G schellen!" Si hun awer keng Schell fonnt. Do hun se einfach un der Dier geknabbert. Op emol sot eng al Bom: „Knusprech knusprech Fritten, wie knabbert do un menger Dierchen." Kanner hun geäntwert: „Maja mir sin de Jempy an d'Mariette, mir sin zimlech aarm Strummerten, mir hun awer en Haus. Mir hun Honger an mir wëllen eppes fruppsen!" Keen huet geäntwert. Ouni ze iwwerléeen, knabberen se einfach un der Dier weider. Si haten eben näischt méi z'iessen dobäi! Op emol ass d'Dier opgangen. Do stoung den Asterix… oh nee ma hal op du dommen Text do deen emmer dotëscht flutscht! Also, do stoung den Idefix… oh nee den Text do irritéiert mech schon ganz! Also lo nach eng Kéier an zwar richteg! Do stoung eng aal Hex! De Jempy huet sech sou erschreckt datt hie sech op seng Zong gebass huet! D'Hex wollt dem Jempy natierlech hellëfen. Wéi bal all Hex, huet déi hei och Ploschteren dobäi. Sie verploschtert dem Jempy seng ganz Zong. Lo kann den Jempy zwar net méi schwetzen, mee lo heelt et wéinstens! De Jempy seet zu Hex: „Merfi daff du mief gehoffleff huef!" An d'Hex äntwert: „Ech hellëfen jo gäer! Also an du, du klengen Kanapékackert do, jo du, du Meedchen do! Wie bass du?" D'Mariette äntwert: „Maja ech sin d'Mariette a sin dem Jempy seng kléng Schwëster!" Déi aal Hex huet sech awer nemmen sou léif gestallt, fir si an hirt McDonalds-Haus eranzelackelen! „Kommt roueg eran, dann kritt dir frësch McDonalds Fritten fir z'iessen!", sot d'Hex. Déi Zwee si natierlech direkt mat eragaangen, well se groussen Honger haten.

D'Hex huet de Jempy blëtzschnell an e Käfeg am Keller agespaart. D'Mariette hat keng Chancee fir him ze hellëfen. A wéi d'Mariette an der Kiche stoung, wollt d'Hex den Hiewel vum Toaster rofdrécken an d'Mariette sollt do dranner goldeg brong getoast, an da wollt d'Hex d'Mariette fir d'Owesiessen opfruppsen! Awer d'Mariette huet geahnt, wat d'Hex wëlles hat a sot: „Ech wess net wéi ech et machen soll; wei kommen ech dann doranner?" - „Domm Sau", sot dat alt Gréit, „déi Öffnung vum Toaster ass grouss genuch, gesäis de, ech mat menger

décker Figur passen och nach dran”. Si krabbelt eran a stëscht de Kapp an den Toaster fir dem Mariette firzeweisen. Do gouf d’Mariette hier e kräftege Stouss an den Hënneschten, sou dass se ragefall ass. Hatt huet den Hiewel erofgedréckt an dréiht de Schalter op 100 Grad Celsius. „Autsch, déi verbrennt awer elo schéin!“, huet d’Mariette frou galaacht. Hu! Do huet d’Hex ugefaang mat kraischen, ganz gruggelech; awer d’Mariette ass fortgelaaf. D’Mariette leeft blëtzschnell bei de Jempy, mecht d’Prisonsdier op an rifft: „Jempy, mir sinn erléist, déi aal Gréit ass endlech dout!“ D’Mariette huet schnell d’Dier vum Käfeg opgema an do ass de Jempy aus dem Käfeg gesprong wéi e Känguruh. Wéi hun se sech gefreet, sinn sech ëm den Hals gefall, sinn ronderem gesprongen an hu sech gekusst!

An well se sech net méi breischten ze fierchten, ginn se an d’Stuff vun der Hex hierem Haischen. Do stoungen an allen Ecker Säck mat Gold a Gromperen. D’Kanner hu sech natierlech fir d’Gromperen entscheed well hiere Papp jo Gromperenverkäfer ass! „Dei si nach besser wéi Muerten”, sot de Jempy an huet sech puer Gromperen an d’Täsch gestach. D’Mariette sot: „Ech well och eppes mat Heem huelen”, an et huet seng Täschen och voll gestopft! „Awer elo naischt wéi fort hei”, sot de Jempy, „fir dass mir aus dem Hexebësch erauskommen.”

Wou se e puer Stonnen duerch de Bësch gelaf sinn, si se un e grousst Wasser komm! „Mir kennen net doriwwer, well mir net schwammen kennen, wees de net méi, mir hunn dach de Schwammkuer emmer geschwänzt”, sot de Jempy zum Mariette. „Hei fiert och keng Jacht”, äntwert d’Mariette, „awer do schwemmt eng wäiss Int, wann ech se bieden, helléft se eis bestemmt eriwwer.” Do rifft hatt: „Intchen, Intchen, Do steht de Jempy an d’Mariette. Keng Jacht an och keen U-Boot, huel eis op däi wäisse Réck!” D’Intchen koum och direkt méi no, an de Jempy setzt sech op an huet zu senger Schwestserchen gesot, sech bei hien ze setzen. „Nee”, äntwert d’Mariette, „et gett der Intchen ze schwéier, du hues dach bei der Hex puer Kilo Grompere matgeholl a wa mir zwee drop ginn, geet d’Intchen ënner! Si soll eis léiwer noeneen riwwerbrengen.” Dat huet dat gudd Déier och gemaach. A wou se glécklech op der aanerer Säit vum Wasser waren, si se e Stéckchen gaangen. De Bësch koum hinnen ëmmer méi bekannt an méi bekannt vir. An endlech wou se hirem Papp sain Haus vu weitem gesinn hun, si si schnell heemgelaf, hun hiere Papp emärmt, sinn op den Kanapé gesprongen an hun e grousse Fläppi gema.

De Mann hat keng gudd Stonn, well wou d’Kanner am Bësch waren ass seng Fra gestuerwen. Mee zum Glëck ware seng Kanner elo erëm doheem. D’Mariette wackelt mam Schietech, sou dass all Gromperen op de Stuffebuedem gefall sinn, an de Jempy gehait eng handvoll Gromperen no der aanerer aus senger Täsch dozou. Do haten all Suergen en Enn, an si lierwen an aller Freed zesummen.

# Äschepëppchen

**Lars, Loïc a Nicki**

D’Fra vun engem raiche Mann gouf krank a si wousst datt si nëmméi laang liewe géng. Si huet hir Duechter bei sech geruff a gesot: „Léift Kand, bleiw fromm a gutt, dann ass de Gott emmer mat der.“ Kuerz drop ass d’Mamm gestuerwen. D’Äschepëppchen ass all Dag bei d’Graw vu senger Mamm gaang an huet gepinscht. An am Fréijor huet sech de Papp eng nei Fra geholl.

Dei nei Fra vun sengem Papp hat zwou Duechteren mat an d’Haus bruecht. Dat war net schéin fir d’Äschepëppchen. Déi nei Fra huet d’Äschepëppchen déi ganzen Zäit erof gema an huet him seng coolst Kleeder ewechgeholl. D’Äschepëppchen misst schon ëmmer nom Sandmännchen an d’Bett goen. Si huet him e schwaarzen, ale Kiddel ugedoen an huet him hëlze Schung ginn. „Kuckt engker déi stolz Prinzessin, wéi erausgefiitzt si ass“, hu seng Schwëstere geruff an hunn hatt an d’Kichen gescheckt. An der Kichen misst hatt vu moies bis owes schwéier Aarbecht maachen, fréi obstoen, Waasser droen, Feier maachen, kachen an wäschen. Si hunn sugur Jelly Bellys an d’Äsche gehait, sou datt hatt se rëm all erausrafe misst. Nuets misst se an den Äsche niewend dem Kamäin schlofen. Dofir huet seng Famil hat ëmmer Äschepëppchen genannt.

Eng Kéier huet de Papp missen op eng Foire am Ausland goen an huet gefrot, wat en deen anere sollt matbréngen. Déi zwou Stéifschwëstere wollte gail Kleeder, mee Äschepëppchen huet gesot: „Papp, déi éischt Marihuanaplanz, déi’s du bei denger Rees gesais, solls du mir matbréngen!“ Op der Rees huet de Papp eng klengt Marihuanaplanz gesin a se dem Äschepëppche mat heembruecht. Hatt ass direkt bei d’Graw vu senger Mamm gelaf an huet do d’Marihuanaplanz op d’Graw geplanzt an huet gekrasch. Seng Tréinen hunn d’Planz genat. D’Planz ass schnell gewuerss a schnell war et e schéine Marihuanabam. An ëmmer wann d’Äschepëppchen bei d’Graw bieden koum, huet hatt sech eppes gewënscht. Dann ass emmer e Pinguin ugewatschelt komm an huet him all Wonsch erfëllt.

Eng Kéier huet de Kinneg e Fest organiséiert, dat drai Deeg dauere sollt. All schéi Fraen aus dem Land waren agelueden, fir datt sai Jong, de Prënz,sech eng Fra aussiche konnt. Déi zwou Stéifschwëstere wollten onbedéngt dohinner goen. Si hunn d’Äschepëppchen geruff an him gesot: „Kämm eis Hoer, leck eis Lelli-Kellys propper an streck eis Stréckelen, mir ginn op d’Party vum Kinneg op sengem Schlass!“ D’Äschepëppchen huet alles fir si gemaach, huet awer gekrasch, well hatt och op d’Party wollt goen, an huet d’Stéifmamm gefrot, op hatt op d’Party dierft goen. „Du, Äschepëppchen!“, huet hat gesot, „du bass

knaschteg an du wëlls op eng Party? Du hues keng schéi Kleeder a keng Lelli-Kellys, an du wëlls danzen?“ Wou Äschepëppchen awer gedrot huet, mat engem Zierkel der Stéifmamm an d’Been ze picken, huet d’Stéifmamm schlussendlech gesot: „Ech hunn eng Packung Jelly Belly’s an Äsche geschott. Wann’s du an zwou Stonnen all Jelly Bellys aus den Äsche gezunn hues, da loossen ech dech op d’Party goen.”

D’Meedchen ass an de Gaart bei d’Graw gaangen, huet sech virum Marihuanabam op de Buedem geknéit an huet geflüstert: „Pinguin, Pinguin, dir vum Südpol, kommt mir hëllefen Jelly Bellys ze fannen. Déi gutt an d’Packung, déi schlecht an d’Poubelle.”

Du no enger Stonn koumen puer Pinguinnen ugewatschelt. Do huet d’Äschepëppchen gesot: „Wow, déi hunn jo voll déi Happy Feet!“ Pinguinnen wollten bezuelt ginn, mee wéi d’Äschepëppchen gedrot huet se aus der Fënster ze gehaien, hu si léiwer geschafft ouni e Pinguineuro ze kréien. No enger Stonn a 59 Minutten an 20 Sekonnen waren d’Pinguinnen fäerdeg a sinn du mat hirem Moped fort gefuer. „Mamm, ech si faerdeg!“, huet d’Äschepëppchen der Stéifmamm zougeruff.“ „Äschepëppchen, du kanns der kéng gail Kleeder an Lelli-Kellys leeschten, dofir loossen ech dech net op d’Party. Mee, ech ginn der nach eng Chance! Ech schedden erëm eng Packung Jelli Bellys an d’Äschen, a wann’s du an enger Stonn all Jelly Belly aus den Äsche geraf hues, da kafen ech dir Lelli-Kellys a gail Kleeder!“, huet d’Stéifmamm geänwert.

D’Äschepëppchen ass bei de Marihuanabeemchen gaang an huet geruff: „Dir Pinguinnen, dir Pinguinnen, dir vum Südpol, kommt mir hëllefen Jelly Bellys ze fannen, déi gutt an d’Packung, déi schlecht an d’Poubelle!“ No enger Zait koum de Péng, de Pinguin, a seng Kolleegen mam Fallschierm vum Himmel geflunn. Dës Kéier hu si direkt ugefaang mat schaffen ouni ze meckeren. No 59 Minutten an 30 Sekonnen waren d’Pinguinnen fäerdeg a si mat hirem schicken Dreirad fortgefuer. D’Äschepëppchen ass bei d’Stéifmamm gaang an huet mat voller Freed geruff: „Mamm, ech si fäerdeg! Daerf ech elo matkommen?“ - „Nee, Äschepëppchen, du kenns net mat! An elo géih däin Zëmmer raumen!“, huet Stéifmamm geblärt an ass mat dem Äschepëppchen senge Stéifschwësteren op d’Party gefuer.

Wou kee méi doheem war, ass d’Äschepëppchen bei de Marihuanabam gaang an sot: „Marihuanabeemchen, Marihuanabeemchen, rëssel dech a gehei e coolt Kleed erof!“ Dunn ass e Pinguin ugewatschelt komm an en hat e coolt Kleed am Grapp. Mee op emol ass en ausgerutscht an ass an en Dornenbusch gefall. D’Äschepëppchen huet dat Kleed geholl

an ass fortgerannt. Am Haus huet et sai Kleed ugedoen an ass op d'Party gaangen.

Op der Party ass de Prënz komm a wollt mam Äschepëppchen danzen a knutschen. D'Äschepëppchen konnt sengem Charme net widderstoen an huet mat him de ganzen Owend gedanzt. Mee wéi de Prënz ze opdrenglech gouf a seng Lëpsen gespëtzt huet, huet hat sech schnell duerch d'Bascht gemaach.

Wéi déi zwee Stéifzicken heemkoumen, loung d'Äschepëppchen an den Äsche. Hatt war no der Party schnell bei d'Graw vun senger Mamm gelaf an hat déi schéi Kleeder ofginn. Dono ass hatt schnell an d'Haus gerannt, huet seng al Kleeder ugedoen, an huet sech an d'Äsche geluecht.

De nächsten Dag wou rëm eng Party stattfonnd huet, a wéi d'Stéifzicken op d'Party gaangen sinn, ass d'Äschepëppchen bei de Marihuanabam gaangen an gesot: „Marihuanabeemchen, Marihuanabeemchen, rëssel dech a gehai e coolt Kleed iwwert mech." Dunn ass e Pinguin ugewatschelt komm an huet e nach vill méi coolt Kleed wéi den Dag virdrun op d'Äschepëppchen gehait. Hatt huet et schnell ugedoen an huet sech op de Wee gemaach.

Wéi d'Äschepëppchen op d'Party komm as, stoung schon de Prënz virun der Dier op et ze waarden fir mat him ze danzen. D'Äschepëppche huet geruff: „IIIIhhhh!!! Do ass jo rëm dee perversen Typ!" Hatt probéiert fortzelafen, mee hatt konnt sengem Charme erëm net widderstoen an huet mat him de ganzen Owend gedanzt. Wéi den Owend eriwwer war, ass d'Äschepëppchen rëm fort gelaafen. De Prënz war net schnell genuch fir him nozelafen. Wéi d'Äschepëppchen heem koum, huet hatt sai Kiddel erëm ugedoen an ass schlofe gaang.

Den Dag drop sinn d'Stéifmamm an d'Stéifschwësteren och erëm op d'Party vum Prënz gaangen. Wéi kee méi doheem war, ass d'Äschepëppche bei d'Graw vu senger Mamm gaangen, huet sech ënnert de Marihuanabam gestallt a geruff: „Beemchen, Beemchen, rëssel dech a gehai Gold an Sëlwer iwwert mech." An op emol koumen deck schick Kleeder vum Bam getrollt. Hatt huet d'Kleeder schnell ugedoen an ass op d'Party getreppelt. Hatt huet sou anescht ausgesinn, datt keen hatt erkannt huet, mool net seng Stéifmamm. Do koum och schon de Prënz mam flotten Cabriolet ugefuer. Wéi hien d'Äschepëppchen gesinn huet, huet hie geduecht: „Dat ass mol eng flott Maischen!" De Prënz an d'Äschenpëppchen hu bis an d'Nuecht era gedanzt. Mee, op emol hat d'Äschepëppche keng Loscht méi an ass

fortgerannt. Ënnerwee hat hatt leider e Schung verluer. De Prënz war rëm net schnell genuch fir dem Äschepëppchen nozelafen, dofir huet e sech op dee Schong gehait a geruff: „D'Besëtzerinn vun dësem Schong soll meng Fra ginn!“ Schnell war déi Noricht an der ganzer Stad verbreet an de Prënz huet sech mam Schong op d'Sich gemaach.

Do hunn dem Äschepëppchen hir Stéifschwësteren hir Chance erkannt. Dei éischt ass mam Schong an d'Kummer gaang. Wéi se gemierkt huet, datt de Schong ze grouss wier, huet hatt Toilettepabeier an den Schong gequëtscht. De Prënz huet naischt gemierkt, also sollt déi béis Schwëster seng Fra ginn. Hien huet hatt an de flotten Cabriolet gezunn an zesummen sinn si lassgefuer. Mee, wéi si laanscht de Marihuanabeemchen koumen, hunn d'Pinguinnen geruff: “Ruckedibong, Ruckedibong, ‘t ass Toilettepabeier am Schong. De Schong war ze grouss, deng Pëppche setzt nach doheem”. De Prënz, ganz erstaunt, huet an de Schong gekuckt an huet e Stéck Toilettepabeier eraus luussen gesinn. Wéi hie seng “Prinzessin” heemgefouert huet, hat déi aner Stéifschwëster och onbemierkt Toilettepabeier an den Schong gema an huet gesot, datt si seng Prinzessin wär. Do hunn d'Pinguinnen geruff: “Ruckedibong, Ruckedibong, ‘t ass Toilettepabeier am Schong. De Schong ass ze kleng, deng Pëppchen setzt nach doheem”. De Prënz huet rëm an de Schung gekuckt an gesäit e klengt Stéck Toilettepabeier aus dem Schung luussen. „Dat ass och net dat Richtegt!”, seet de Prënz roossen, „hudd der keng aner Pëppchen?” - „Nee”, sot de Mann, „nëmmen nach souen dreckegt Äschepëppchen, dat ass onméiglech déi Fra, déi dir sicht.” De Prënz wollt awer onbedéngt d'Äschepëppchen gesinn. D'Äschepëppchen huet sech fir d'éischt gewäsch an dunn ass hatt an d'Stuff komm. De Prënz huet him de Schong fir unzemoosse ginn. Hat ass geschmeideg eragerutscht an de Schong huet gepasst, an dat ouni Toilettepabeier. A vun deem Moment un huet de Prënz d'Äschepëppchen erkannt an huet zweifelhaft geruff: „Dat ass vläicht dat Richtegt, ehm, mengen ech mol!” Op emol koum e Mann am Smoking aus dem Marihuanabam gesprong und sot: „Hallo, mäi Numm ass Tom Hanks, dir kennt mech vläicht aus Märecher wéi d'Schneewitchen an Hänsel a Gretel. Ech wollt Iech nëmmen dorop opmierksam maachen, dat Dir déi richteg Fra fonnt hudd.” De Prënz sot: „Oh, merci!” an huet d'Äschepëppchen an de flotte Cabriolet gezunn an ass fort gefuer. Op emol koum e Pinguin ugeflunn an huet dem Prënz zougeruff: „Ruckedibong, keen Toilettepabeier ass am Schong!”

A wa se net gestuerwe sinn, da liewe se nach haut.


LIL´
witchen

En Dag wéi all aner Deeg souz eng Kinigin virun der Fenster an smst mat hiere Frënn. D'Sonn huet sou schéi giel geschéngt an d'Gras huet sou schéi gréng geglënnert an d'Rousen hu sou schéi rout gebléit. Scho sait laanger Zait huet sech d'Kinigin eng Duechter gewënscht.

Enges Dags gouf e Kand gebuer, dat sou gréng Hoer wéi d'Gras hat a sou schéi Lëpse wéi Rousen a sou eng schéin Haut wéi d'Sonn. Mee bei der Gebuert ass d'Kinigin gestuerwen.

No puer Joer hat de Kinig, dee gemierkt hat, datt e schwul wier, schon erem e neie Frënd. Si hate sech bestuet. Mee dem Lil'witchen sai Stéifpapp war net grad dee Léiwsten. Hie war emmer ganz jalous op d'Lil'witchen. De Stéifpapp hat d'Lil'witchen sou e schéint Meedchen fonnt a sech selwer en eekleche Mann. Hie wollt schon ëmmer e Meedchen sinn. All Dag huet hie sai Computer gefrot:

„Laptopchen, Laptopchen un der Wand,<br>ween as dee Schéinste vum ganzen Land?"

Op emol koum um Computer eppes stoen:

„Dee Schéinte sidd Dir, mee nëmmen wann dir eng Fra gidd,<br>dofir as d'Lil'witchen vill méi schéin wéi Dir."

Do gouf de Stéifpapp sou rosen a neideg datt hien de Stuntman geruff huet. Dee koum wéi ëmmer e bessi spéit, well hien e bessi daaf ass. De Stéifpapp huet him haart an d'Ouer geblärt: „Géih bei d'Lil'witchen a breng hatt mat der Bazooka ëm!"

De Stuntman huet dem schwule Stéifpapp gefollëgt. Hien ass mam Lil'witchen an d'Stad gaangen. Wéi de Stuntman seng Waff aus sengem Mantel gezunn huet, an dem Lil'witchen sain onschëllegt Häerz duerchbuere wollt, huet d'Lil'witchen ugefaang mat kraischen an huet gejéimert: „Stuntman, wanns du mir mai Liewen hëlls, da killen ech dech! Ech wëll a méng Villa zreck!" An do ass hie wéi e Bebé fortgelaf. „De Panther, deen aus dem Zoo fortgelaf ass, wäert hat souwisou opfriessen", huet hie geduecht. De Stuntman misst awer d'Häerz an d'Liewer vum Lil'witchen mat bei de Stéifpapp huelen, als Beweis, datt hien d'Lil'witchen embruecht huet. Do krut hien eng Idee. En huet einfach am fréien Owend, wou et schon daischter war, e Spaséierer, deen do ganz verschlofe getrëppelt ass, gekillt an him d'Liewer an d'Haerz rausgehol. Owes spéit huet de Stuntman, dem Stéifpapp alles iwwerreescht an eng Geschicht dabai gesponnen an de Stéifpapp huet d'Liewer an d'Häerz vum Spaséierer giess a gemengt et wieren dem Lil'witchen seng.

D'Lil'witchen huet sech natierlech nemmi heem getraut an ass alleng duerch d'Stad getreppelt. Et wollt an eng Disco goen an huet schnell eng erbléckst, déi "The seven Rapper" geheescht huet. Hat duercht sech: „Do muss ech ragoen!"

Op der Bar stoung en Cheesseburger, e Burrito an e Glas Martini. Hatt ass direkt ouni sech emzekucken dohi gelaf an huet alles giess. Dunn ass hatt duerch e schmuele Gank gaangen an ass an engem Zëmmer gelandt.

Wéi et scho ganz spéit an der Nuecht war, sinn déi siwe Rapper, déi DJ an der Disco sinn, an hier Kummer gaangen. Si hu sech gewonnert, well dem 10 Cent sain Teller gebraucht gouf, an dem 20 Cent sain Kleederschaf geraumt war an am 30 Cent sengem Bett louch e wonnerschéint Meedchen. De 70 Cent huet eng Discoluucht geholl an op et geschéint.

„Wat ass dat Kand sou schéin", hu se all gestaunt. Si wollten et awer net erwäschen an hunn et am Bett weider schlofe gelooss. Déi siwe Rapper sinn dunn och schlofe gaangen an de 30 Cent huet sech bei den 40 Cent an d'Bett geluecht.

Wéi et moies war, erwescht d'Lil'witchen a wéi et déi siwe Rapper gesait, erschreckt et. Si waren awer frëndlech an hu gefrot: „Wéi heeschs du?" - „Ech heesche Lil'witchen", huet hatt geäntwert. „Wéi bass du an eist Haus komm?", hun déi siwe Rapper gefrot. Dunn huet hatt hinnen erzielt, datt sai Stéiwpapp hatt embrengen loosse wollt; de Stuntman him awer d'Liewen geschenkt huet, an do ass hatt de ganzen Owend duerch d'Stad gelaf bis hatt endlech eng Disko fonnt huet. Déi siwe Rapper hu gefrot: „Wells du eis Disco proper haalen, eis hellëfen nei Lidder ze erfannen an eis kachen, dann däerfs de bleiwen." - „Jo", soot d'Lil'witchen, „vun Häerze gären" an et blouf bei hinnen. Hatt huet hinnen d'Disco proper gehal. Moies ginn déi siwe Rapper an d'Disco a rappe Lidder a bereeden d'Disco fir Owes vir. Hannen am Zemmer huet d'Lil'witchen gekacht, a wann et Zait hat, huet et och nei Lidder erfonnt. Déi siwe Rapper hunn zu him gesot: „Pass op, dai Stéiwpapp wees glaich wou's du bass, looss keen eran."

De Kinnek, nodeems hie gemengt huet dem Lil'witchen seng Liewer a sain Häerz giess ze hun, huet gemengt, datt hie wait a breed deen allerschéinsten wier a goung viru sai Laptop a sot:

„Laptopchen, Laptopchen un der Wand,
ween as dee Schéinsten am ganzen Land?"

Do kaum op den Bildschirm stoen:

„Schwulle Stéiwpapp, dir sidd dee Schéinsten,
mee d'Lil'witchen bei de siwe Rapper
ass nach dausend Mol méi schéin wéi Dir."

Do ass hien erschreckt, well hie wosst datt de Laptop keng Liggen erzielt an en huet gemierkt, datt de Stuntman hien ugelunn hat, an d'Lil'witchen nach emmer géng liewen. Hie wosst genee, wéi hien hatt embrengen wollt, fir dass hien dee Schéinsten op der Welt wier. Hien huet sech ugedoen a geschminkt wéi eng al Fra, an ass bei déi siwe Rapper a bei d'Lil'witchen gang an huet un der Dier geklappt. Dat schéint Lil'witchen huet aus der Fenster gekuckt an geruff: „Gudden Moien, schéi Fra, wat hudd dir do ze verkaafen?" - „Gudd Wuer, schéi Wuer", huet de schwule Stéiwpapp geäntwert, „ech hu Stréckelen vun alle Faarwen." Hien huet een erausgeholl, deen aus faarweger Seid geflecht war. „Déi eierlech Fra kann ech jo roueg eraloossen", huet sech d'Lil'witchen geduercht an huet d'Dier opgespaart an ee schéine Stréckel kaf. De Stéiwpapp huet de Stréckel ganz schnell rausgezunn an e blëtzschnell dem Lil'witchen em sain Hals gestréckt. Éier datt d'Lil'witchen eppes konnt maachen, war hatt scho bewosstlos an ass emgefall. „Lo bass de déi Schéinst gewierscht", huet de Stéiwpapp gesot an ass schnell heemgelaf.

Owes koumen déi siwe Rapper heem a sinn erschreckt, wéi si d'Lil'witchen um Buedem laien gesinn hunn. Hatt huet sech nët méi beweegt, sou wei wann hatt doud wier. Sie hunn hatt opgehuerwen. Wéi si gesinn hunn, dass hatt zougeschnouert war, hu si de Stréckel schnell opgema. D'Lil'witchen huet nees lues ugefaang ze otmen a gouf no an no erëm lieweg. Wéi déi siwe Rapper héieren hate, wat geschitt war, sote si dem Lil'witchen: „Déi al Fra war keen aneren wéi den alen domme schwulen Stéiwpapp! Pass op a looss keen eran wa mir net bei dir sin!"

De Stéiwpapp ass, wéi hien Heem komm ass, direkt rem bei sai Laptop gaangen a sot:

„Laptopchen, Laptopchen un der Wand,
ween as dee Schéinsten am ganzen Land?"

Do koum op den Bildschirm stoen:

„Dir sidd nach emmer dee Schéinsten vum ganze Land,
mee d'Lil'witchen bei de siwe Rapper
ass nach emmer dausend Mol méi schéin wéi Dir."

Do gouf de Kinnig sou roosen, datt hie seng Lieblingskaz mam Fous gerannt huet. Hien konnt et einfach net gleewen datt d'Lil'witchen iwwerlieft hat. Hie war sou roosen, datt hie mat Hellëf vu sengen Zauberkräften e Kamm gezaubert. Wann ee sech mat deem kämmt, dann ersteckt een. Hien huet sech nach schnell als ale Bop verkleed an huet sech op de Wee bei déi siwe Rapper gemaach. Hien huet un der Dier geklappt a gesot: „Mai léiwt Kënni, loost den ale Bopi dach eran." D'Lil'witchen hat e gudd Häerz fir al Leit an huet sai verkleedtene Stéiwpapp eragelooss. „Hei léiwt Kand, ech ginn dir e schéine Kamm fir deng Fréndlechkeet." D'Lil'witchen huet en direkt ausprobeiert an wéi hatt en an d'Hoer gestach huet, ass hatt direkt op de Buedem gefall. „Lo sinn ech endlech dee Schéinsten vum ganzen Land!", huet de Stéiwpapp gelaacht an ass rem Heem gaangen.

Zum Gléck war et gläich Owes an déi siwe Rapper si mam Quad heem komm. Wéi si d'Lil'witchen wéi dout um Buedem gesinn hu laien, hate se direkt de schwule Stéiwpapp am Verdacht. Si hunn d'Lil'witchen ennersicht a wéi se de Kamm fonnt hunn, hu se en schnell aus sengen Hoer gezunn an du koum d'Lil'witchen rëm zou sech. Hat huet hinnen erzielt, wat geschitt war. Déi siwe Rapper hunn hatt nach engker gewarnt, fir keen eran ze loossen, wa si net doheem sin.

Doheem ukomm, ass de Stéiwpapp bei sai Computer setze gaang a sot:

„Laptopchen, Laptopchen un der Wand,
ween as dee Schéinsten am ganzen Land?"

Op emol koum um Computer eppes stoen:

„Dee Schéinste sidd dir, mee nemmen wann Dir eng Fra wierd,
dofir ass d'Lil'witchen bei de siwe Rapper
nach emmer dat Schéinst vum ganze Land."

Wéi en dat gelies hat, huet e gejaut vu Roserei. „D' Lil'witchen soll stierwen!", huet e gejaut, „a wann dat och mäin eegend Liewe kascht." Du goung heen an eng donkel Kummen, wou soss keen erakoum an huet e gëftegen Apel gezaubert. Baussen huet e schéin ausgesin, wäiss mat roude Backen, datt jiddereen, deen en abléckt, eng Kéier dra beisse wéilt. Mee wann een dat mëscht, muss ee stierwen. Wéi den Apel fäerdeg war, huet huet sech geschminkt an als Bauerefra verkleed. Sou goung heen an d'Stad bei déi siwe Rapper. Hien huet un der Dier geklappt. D'Lil'witchen huet de Kapp zur Fënster eraus gestreckt a gesot: „Ech dierf kee Mensch eraloossen, déi siwe Rapper hu mir et verbueden."

„Dat ass jo ok", huet d'Bauerin geäntwert, „meng Äpel well ech awer lass ginn. Hei ech well der ee schenken." - „Nee", sot d'Lil'witchen, „ech daerf näischt unhuelen." - „Hues de Angscht viru Gëft?", huet d'Bauerefra gefrot. „Gesais de, ech schneiden den Apel an zwee; dee roude Baak ëss du, dee wäissen well ech iessen." Den Apel war awer sou kënschtlech gemaach, datt nëmmen de rouden Deel vergëft war. Wéi d'Lil'witchen gesinn huet, datt d'Bauerin e Steck Apel giess huet, konnt hatt net méi widderstoen. Hatt huet d'Hand ausgestreckt an déi gëfteg Halschent entgéintgeholl. Kaum hat hatt e Bass dovun am Mond, ass hatt doud op de Buedem gefall. Do huet de Stéiwpapp mat béisem Bléck zur Fënster era gekuckt an huet ganz haart gelaacht: „Wäiss wéi Schnéi, rout wéi Bludd, schwaarz wéi Ebenholz! Dës Kéier kennen dech déi siwe Rapper net méi erwäschen!"

A wéi de Stéiwpapp dohem war, huet e sai Laptop gefrot:

„Laptopchen, Laptopchen un der Wand,
ween as dee Schéinsten am ganzen Land?"

Do huet de Laptop geäntwert:

„Dir sidd dee Schéinste vum ganze Land."

Do war de Stéiwpapp ganz frou.

Déi siwe Rapper sinn heem komm an hunn d'Lil'witchen um Buedem gesi laien. A senger Hand hat et en ugebassenen Apel. Si ware ganz erféiert an hu leider misse feststellen, datt et dout war. Si hunn et gewäsch a gekämmt an an eng Doudelued geluecht. Déi siwe Rapper, déi soss nie gekrasch hun, hu ganzer drei Deeg laang gekrasch. Si wollten d'Lil'witchen net begruewen well et nach sou lieweg ausgesin huet mat senge roude Baacken. „Mir kënnen hatt dach net an de grénge Buedem verbuddelen." Du hu si hatt an eng duerchsichteg Doudelued aus Glas geluecht. Mat grénger Faarw hu si sai Numm drop gesprayt. Dunn hu si déi schéi gesprayten Doudelued mam Lil'witchen dran op d'Terrass vun engem Héischhaus geluecht an all Bewunner sinn erbai komm, fir d'Lil'witchen ze gesin an ze traueren.

Lo lung d'Lil'witchen scho laang, ganz laang an der Doudelued, mee hatt war nach emmer net verwest, mee et huet sou ausgesinn wéi wann hat géif schlofen. Seng Hoer ware nach emmer sou gréng wéi d'Gras, seng Lëpse sou schéi rout wéi Rousen a seng Haut huet wéi d'Sonn geglënnert. Enges Dags ass e Manager bei d'Héischhaus komm fir sech d'Lil'witchen, vun deem an der ganzer Stad riets war, unzekucken. De Manager war den Här Graffiti. Hien hat eng Graffiti-Firma an huet net schlecht vum Graffiti, deen déi siwe Rapper op d'Doudelued gesprayt

hate, gestaunt. Réischt vill méi spéit huet en dat schéint Lil'witchen an der Doudelued gesi laien. E konnt seng Aan net méi vun him loossen. E sot zu de siwe Rapper, déi nierwt der Doudelued stungen: „Loosst mir déi Doudelued. Ech bezuelen iech dofir 3˙000˙000 $, ok?" Déi siwe Rapper hu wéi aus engem Mond gejaut: „Niemols gi mir eis d'Lil'witchen hier!" Du sot den Här Graffiti: „Dir sidd kleng Idioten. Iwwerléet mol wat der mat deene Suen fir vill CD'e kéint an engem Studio ophuelen. Da gidd dir berühmt! Dajee huelt meng Offer un, soss muss ech iech dazou zwengen!" Si kruten Angscht, hie géng hinnen eppes undoen, an hu schnell „Ok" gesot. Den Här Manager huet mat Hellef vu senge Bodyguarden d'Doudelued opgehuewen an iwwert d'Glänner vun der Terrass geworf. 24 Etage méi ennen ass d'Doudelued op sain Auto geknallt. Duerch deen Opprall ass d'Doudelued an dausend Stecker zerfall. Dat gëfteg Steck Apel, wat dem Lil'witchen am Hals stierche bliwwe war, ass bei deem Opprall ass dem Mond geflunn. Lues ass d'Lil'witchen erwäscht. „Wou sinn ech hei?", frot hatt an huet sech no de siwe Rapper emgekuckt. Déi stungen uewen um Héischhaus ze wénken an ze jubelen, well d'Lil'witchen erem erwäscht war. Den Här Graffiti huet sech virgestallt an déi zwee sinn a sengem Auto bei seng Villa um Stadrand gefuer. Ennerwee huet den Här Graffiti dem Lil'witchen alles gezielt, wat an Tëschenzait geschitt war. D'Lil'witchen war richteg frou ginn mam Här Graffiti an hat just nach Aan fir hien.

Esou stung d'Hochzait och scho virun der Dier an et gouf e grousst Fest organiséiert. Jiddfereen war invitéiert, souwuel de Stuntman wéi och déi siwe Rapper. Op dat Fest war och dem Lil'witchen sai schreckleche Stéiwpapp invitéiert. Hien huet e laangt Kleed an eng schéi Kroun ugedoen a sech am Spigel bekuckt. Du goung hie bei sai Laptop a sot:

„Laptopchen, Laptopchen un der Wand,
ween ass dee Schéinste vum ganzen Land?"

Um Bildschierm koum stoen:

„Dee Schéinsten sidd Dir,
mee déi jonk Kinigin
ass nach ëmmer vill méi schéin wéi Dir!"

Do gouf hie sou rosen datt hien einfach alles, wat hien tëscht d'Fanger krut, aus der Fënster geheit huet. Op emol koume Militärzaldoten an d'Zëmmer gerannt an hu gejaut: „Dir sidd verhafft wéinst probéiertem Mord!" De Stéiwpapp war sou erschreckt datt hie sech net méi wiere konnt. Hie gouf an den eklechste Prisong vum ganzen Land bruecht.

No der Hochzait ass d'Lil'witchen bei den Här Graffiti a seng Graffiti-Firma wunne gaangen. An wa se net zevill gesprayt hunn, da liewen se nach haut.




Ann-Sophie
Jessica
Clara
Marta

# DE SCHWULE NECKEL

Mélanie

Et wa Januar. Et waren zwee Schwuler, den Här Jimmi Blue an den Här Chris Brown.Si hunn all Daag dovu geschwat ee Kand ze kréien, mee se kruten nie eent. Si hunn et ëmmer rem probéiert, mee et ass nie gaangen.

Enges Daags huet den Här Chris Brown sech gebuedt. Op emol koum e Pinguin aus dem Waasser gesprong. Den Här Chris Brown huet sech zu Dout erschreckt. En huet sech du nach schnell eng Berouegungssprëtz gesprëtzt. Du sot de Pinguin: “Mai léiwen Här, ären Dram ass erfellt. Dir sidd schwanger. Dir kritt nach an deenen nächsten 40 Deeg e Kand an dir feiert e groust Fest!”

„Ma ech ginn dat do lo mengem Mann, dem Jimmi, soen.”

De Chris ass direkt bei de Jimmi gerannt. „Jimmi, ech si schwanger. Ech si sou frou! Lo ginn ech nach schnell eng raus fëmmen, et ass meng lescht fir déi nächst 40 Deeg, versprach!”

De Jimmi entfert direkt: „Nee! Géih w.e.g. net, soss gett eist Kand nach e Krëppel!”

De Chris entfert him: „Ok ok ech man et net, awer nemmen fir dech main Haerzi…”

Dunn enges Daags koum d`Kand op d’Welt. De Chris an de Jimmi hu sech gestridden fir e Numm fir d’Kand. Do koum een an d’Kummer, dee Yann geheescht huet. E sot: „Moien mai klengen Neckel!” Du soten de Chris an de Jimmi wéi aus engem Mond: „Jo genau, dat ass et, mir nennen de Bebé einfach Neckel!”

Si hu sech sou gefreet, dass se direkt dee nächsten Dag e grousst Fest gefeiert hunn. Se hu ganz Lëtzebuerg inviteiert. Jiddfereen huet gefeiert an et goufe Geschenker vir de Bebé.

Du koum d’Hex Jex erbai. Si huet gefrot: „Daerf ech dem Kand och ee Geschenk ginn?”

„Majo secher, seet de Jimmi, wann Dir schon hei sidd.”

„Dann daerf ech dem Neckelchen och eppes wenschen!”

D’Hex Jex huet gesot: „Ech wënschen dem Kand wann et 15 ass, soll dat ganzt Land hei aschlofen bis dass e Kiffer vun Amerika kënnt an dem Neckel e Kuss gëtt!” Als Zaubersproch huet si gesot: „Lalalulukakapipi”

De Jimmi huet geblärt: „Neeeeeeeeee” Mee et huet net geklappt. Se hunn all domm drageglotzt, mee dunn ass dFest nach weider gaangen.

No 15 Joër war et sou wait. De Neckel louch am Bett an huet déiw an fest gepennt. All déi aaner Leit och; de Bäcker, de Schouster, de Bréiwdréier, de Metzler,… All Mensch ass ganz déiw ageschlof.

No 13 Joër koum e Kiffer aus Amerika. En ass an d'Haus gaangen an en huet dem Neckel een décke fette Kuss op de Mond ginn. Dunn ass de Neckel erwäscht. En huet de Kiffer aus Amerika ganz léiw a verschlof ugekuckt. Deen huet gegrinst iwwert d'ganz Gesiicht. Déi zwee hate sech direkt anenee verkuckt. De Neckel huet gemierkt dass e schwul war a war frou ee Gleichgesinnte fonnt ze hunn. Déi zwee sinn Hand an Hand d Trapen erof gelaf. All Mensch am Land ass lues a lues erwäscht. Si sinn deenen zwee gratuléiere gaangen. Et gouf e groussegt Fest organiséiert a bis fréi an de Muergen gefeiert.

An wann se net méi feiere kennen, da liewen se nach haut.

# D´Bremer Rapper

## VUM YANN

Et hat e Mann e Sklav, dee schon zënter Joren enger Brauerei Béier geliwwert huet. De Sklav huet wéi e béisen Jong ausgesinn. En huet Gustav geheescht. Mee dat mam Liwweren konnt e lo net méi, heen hat keng Kraft méi. Sai Chef sot hie wier ze aal, obwuel en eréischt 26 Joër hat. De Gusti, wéi en och nach genannt gett, hat eng Iddi. E wollt einfach vun der Brauerei fortlafen.

Um Wee huet de Gustav ee Closchard an der Gare laien gesinn, dee Gitarre gespillt huet. „Komesch", hat hie geduecht, „datt de Closchard net op der Fouer ass". Hien huet sech getraut méi no bei en ze goen an huet gefrot: „Wat mëss du dann hei, firwat bass du net op der Fouer?" - „Ech sinn aal, ech wëll hei bleiwen. Hei verdengen ech meng Suen". De Gustav sot onglecklech: „Wells du dann mat mir fortlafen?" Dann huet hien eppes getuddelt, awer ech wess net genau wat. Ech mengen datt e „jo" sot.

Et huet net lang gedauert, do waren déi zwee um Aldrenger. Do hatt de Gustav de Fritz erëm gesinn. Dat war een aus sengem sechste Schouljoër. Hien huet dra gekuckt wéi wann en drei Deeg kee Béier kritt hätt. Du sot de Gustav: „A wat ass dir iwwert de Wee gelaf, du Sch*****?!" - „Sief w.e.g. net esou frech!", sot hien traureg. De Gustav huet kënschtlech gelaacht a sot: „Dat war e Geck." Hien huet seng Liewensgeschicht verzielt. Seng Fraa wollt hien wéi am James Bond asaufen. De Gustav an de Chloschard sote glaichzeiteg: „Mir sti schon esou laang hei, komm mir ginn eng Flute drenken."

Si si Richtung Knuedler gaangen an hu gesong. Si wollten schon emmer eng Kéier Rapper ginn.

Déi drai Sëfferten si bei engem Baurenhaff laanscht komm. Do hu si eppes zwëschen dem Stréi laien gesinn. Si hunn dat mol rausgezunn. Dat war jo tatsächlech e Mensch ongeféier 36 Joër aal. Dat war genau esou een Tuddler wéi de Clochard vun der Gare. Hee sot hee géif gären sangen an sai Numm wier Sonja Kraus. Déi aner hun e fir verreckt gehal. Hie sot et wier Ennerwäschdag, mee dat huet déi aaner net interesséiert. Jempy war säi richtege Numm. Hie sot, datt aaner Leit him den Kapp ofschneiden wéilten. „Gewass du Dummkopf", sot ee vun deenen aaneren. Si hu sech zesummen rem op de Wee Richtung Bremen gema.

Awer sie konnte Bremen net an engem Daag ereechen. Si si nëmmen bis bei den Schwarzwald komm. „Mir maachen esou eppes wéi 80 Tage um die Welt", sot de Gustav. Du sot d'Sonja Kraus: „Ech sinn den Jackie Chang." „Mee dat ass dach elo ganz egal! Mir musse weider kommen!",

sot de Clochard. Matten am Bësch wollten si iwwernuechten, well se sou midd vum trëppele waren. De Gustav an de Clochard hunn sech ënnert ee Bam geluecht, de Fritz an de Jempy sinn op e Bam geklomm. Du erblécks de Jempy eng Luucht an der Ferne. Hie rifft: „Do ass eng Luucht! Komm mir lafe schnell dohinn! Ab und davon!" Während dem Lafen hu se alleguerten haart gesongen: „Probier' es mit Gemütlichkeit mit Ruhe und Gemütlichkeit…" D'Sonja Kraus séngt sou haart et kann, a leider och ganz falsch: „I walk this no is talk, talk, talk i love you!" - „Psssst", flüstert de Fritz, „do ass eng Hütt." Jiddfereen huet gehofft, do géng et Béier ginn, mee et huet kee sech getraut fir méi no ze goen, ausser de Gustav. Hien huet sech wéi de Spiderman un der Mauer ugehal. „Et ass eng Bar", huet hie geflüstert.

„Wat gesäis du?", huet de Clochard gefrot. „Deng Mamm a Béier", huet de Gustav gegéckst. „Dann komm mir ginn de Béier retten", huet de Clochard virgeschloen. „Ech well och eppes gesinn", huet de Jempy gemeckert. Si sinn een deem aaneren op d'Schellere geklommen an als lescht ass de Jempy drop gesprong. Dunn hunn se ugefang mat rappen: „Ich muss durch den Monsun hinter die Welt, ans Ende der Zeit bis kein Regen mehr fällt, gegen den Sturm, am Abgrund entlang ..." Du koum e Biker zur Dier raus. „Hälls du elo op", huet hie geblärt. „Non Monsieur Bond" - „Wells du eng an d'Maul?!", huet e lo nach méi haart gebierelt. Jiddferee war du ganz roueg an si sinn era gaangen.De Gustav sot deenen aaneren: „Ech menge mir sinn an engem Gangsterhaus." Déi Hütt hat och nach e Keller. Si si mat aller Virsiicht erofgaangen. Komesch Geraischer waren ze héieren. Do soutzen eng Partie Muskelprotzen am Eck Poker ze spillen. De Jempy wollt se all eraus joen, mee dat huet net geklappt. Dunn hu se entschloss ze sangen. Dat huet och geklappt. All sinn se schnell fortgelaf. De Closchard huet gemengt, datt se einfach ze gudd gesongen hätten, a se doduerch Angscht gehat hätten, mee de Jempy, de gescheitsten vun hinne, wosst horgenee, datt se sou fuerchbar schlecht gesongen hunn, an dofir sin d'Muskelprotze fortgelaf. Dunn hunn déi véier giess a gedronk wat se alles fanne konnten. Nom Iessen hu se d'Luuchten ausgema a no enger Schlofplatz gesicht. Jiddereen huet et sech bequem gema.

D'Muskelprotzen hu gesinn datt d'Luuchten auswaren an hu sech erem zreck getraut. Si si ronderem d'Haus geschlach a well alles roueg war, hu se keng Gefor méi gesin. Dee Mutegsten ennert hinnen huet sech du getraut fir eran ze goen. Well et sou daischter war, wollt hien d'Luucht uman. De Clochard sutz awer op engem Stull nierwt dem Luuchteschalter, a wéi dee gemierkt huet, datt do ee wollt nierwt e

graifen, ass de Clochard dem Muskelprotz an d'Gesiicht gesprong a wéi eng Kaz huet hien den aarmen Mann zerkratzt. Deen huet gejaut wéi um Spiiss a wollt schnell zur Dier rauslaafen. Do hat de Jempi awer schon eng Fal gestallt. Hien huet de Muskelprotz esou erschreckt, datt deen op de Buedem gefall ass. De Fritz huet en an d'Been gebass. De Gustav huet en an de Bauch geschloen. No enger Zaitchen hunn se de Muskelprotz lafe gelooss. Deen ass bei seng Clique gerannt an hinne vum Geeschterhaus gezielt. Saitdeems ass déi Band nie méi zreck komm an déi véier Musikanten hunn an der Hütt gewunnt an de ganzen Dag gerappt. Op Bremen wollten déi véier guer nemmi.



DE GUSTAV



DE CLOCHARD



DE FRITZ



DE JEMPY



DE BIKER